**Gemeng Rammerich**

# Gemengerotssëtzung vum 3. November 2022

## Dagesuerdnung:

1. Deliberatioun iwwer d'Unhuele vum Plang fir d'Ënnerhale vun de Gemengebëscher fir d'Joer 2023.
2. Deliberatioun fir d'Modalitéite vun der Stee vum Brennholz festzeleeën.
3. Deliberatioun iwwer d'Festleeë vum Präis a vun de Konditioune vum Verkaf vum Brennholz.
4. Deliberatioun iwwer d'Opdeele vu verschiddene Kadasterparzellen fir se kënnen ze bebauen.
5. Deliberatioun iwwer d'Unhuele vun engem Eenzel-Bebauungsplang op Terrainen an der Haaptstrooss zu WOLWEN, Deel Wanderscheid.
6. Deliberatioun iwwer d'Demande vun engem Zousazkredit am ausseruerdentleche Budget vun der Gemeng Rammerich fir d'Joer 2022: Akaf vu Miwwele fir d'Maison Relais vun der Gemeng.
7. Deliberatioun iwwer d'Ufro vun Zousazkrediter am uerdentleche Budget vun der Gemeng Rammerich fir d'Joer 2022: (Budgets-Ännerungen 2/2022).
8. Deliberatioun iwwer d'Revisioun vum Gemengereglement dat d'Konditiounen an d'Montante vun de Primme fir verdéngschtvoll Persounen a Veräiner festhält.
9. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun der Konventioun mat OS-Care, dem Office Social vum Réidener Kanton, fir d'Joer 2022.
10. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun engem Zousaz zur ënnerschriwwener Konventioun vum "Pacte Logement 2.0".
11. Deliberatioun iwwer d'Confirmatioun vun engem zäitlech begrenzten dréngende Verkéiersreglement.
12. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun engem Zousaz zu engem Aarbechtskontrakt mat enger Léierpersoun am Grondschoulunterrecht.
13. Ofschloss-Rechnung: HUESCHTERT, Rue des Romains: Renovéierungs-Aarbechten.
14. Ofschloss-Rechnung: HUESCHTERT, Rue des Romains: Erneierung vun der Kanalisatioun.
15. Ofschloss-Rechnung: RAMMERICH: Rue du Nord: Erneierung vun der Strooss a vun den Trottoiren.

16. Ofschloss-Rechnung: RAMMERICH: Rue du Nord: Erneierung vun der Kanalisatioun.
17. Ofschloss-Rechnung: RAMMERICH: Rue du Nord: Deelweis An-d’Rei-Setze vum Drénkwaasser-Reseau.
18. Deliberatioun iwwer en notariellen Akt.
19. Deliberatioun iwwer d’Verdeelung vun ausseruerdentleche Subsiden.
20. Deliberatioun iwwer d'Recette vun der Gemeng.
21. Äntwerten op d’Froen un de Schäfferot.

## Un der Sëtzung huelen deel:

Antoine Rodesch (Buergermeeschter, CSV), Mike Bolmer (Schäffen, CSV).

Michelle Brickler (DP), Sascha Hengen (LSAP), Sonja Kettmann (CSV), Frank Melchior (CSV), Myriam Picard (LSAP), Pierre Pletschette (CSV), Romain Rausch (DP).

Entschëllegt: Myriam Binck (Schäffin, CSV), Patrick Schuller (LSAP).

Gemengesekretär: Marc Pletgen, Redakter: Conny Wantz

## Rapport vun der Sëtzung:

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) entschëllegt d’Schäffin Myriam Binck an de Conseiller Patrick Schuller an deelt mat, datt déi nächst Gemengerotssëtzung den 20. Dezember ass. Den 29. November ass eng Aarbechtssëtzung an am nächste Joer sinn den 12. Januar an den 2. Mäerz Gemengerotssëtzungen.

## 1 Deliberatioun iwwer d’Geneemegung vum Verwaltungsplang vun de Gemengebëscher fir d’Joer 2023.

De Preposé vum Triage Rammerich, de Fierschter Serge Hermes, deen zesumme mat dem Stagiär Phil Goeres an der Sëtzung war, geet op déi Aarbechten an, déi d’läscht Joer gemaach gi sinn, woubäi et sech virun allem ëm d’Sécherung vun de Weeër a Stroossen, natierlech Regeneratioun an Naturschutz gehandelt huet.

Donieft sinn d’Weeër, och déi touristesch, an d’Rei gesat ginn, hie geet op de Problem Borkenkäfer an, a weist drop hin, datt och elo Bichen an Eechen ufänken, méi krank ze ginn.

D’Frais’en am läschte Joer hunn 131.000,00€ ausgemaach, mee d’Präisser vum Holz sinn och geklomme. Fir Bichenholz dat bei 50,00€/$m^3$ bis

70,00€/$m^3$ louch, ginn haut op 120,00€/$m^3$ bezuelt an de Präis fir Eechenholz ass vun 125,00€/$m^3$ op iwwer 500,00€/$m^3$ geklomm.

D'klimatesch Verännerunge betreffen net nëmmen d'Fiichten, mee och d'Bichen an hie stellt fest, datt d'Bëscher ëmmer méi als rekreative Raum genotzt ginn.

Bei den Aarbechte fir d'Joer 2023, déi an de 752 Hektar Gemengebëscher virgesi sinn, déi all FSC an PEFC zertifiéiert sinn, läit d'Haaptgewiicht op der Sécherung vun de Stroossen a Weeër, donieft kënnt d'Aarbecht an de jonke Bestänn. D'Holzstee soll op där selwechter Plaz tëschent Houltz a Flatzbour weidergefouert ginn. Mat enger spezialiséierter Entreprise sollen déi héich Pëppelen op der Roumicht op de Bamstomp zréckgeschnidde ginn, fir datt si nees nowuesse kënnen.

Weider geet hien op de Klimawandel an, op d'Aarbechten um Bëschkierfecht, wou d'Holz vu lokalen Douglasien op der Plaz verschafft soll ginn, op d'Sensibiliséierung a geféiert Visitten am Bësch an op den Dag vum Bam zesumme mat der Schoul.

Da weist hien op de Schoulungsbësch a jonkem Bestand hin, wou den 30. November a Presenz vun der Ëmweltministesch eng Visitt a Pressekonferenz ass.

Op finanziellem Plang sinn Investitioune vun 205.900,00€ virgesi bei enger Recette vun 231.525,00€, sou datt e Benefice vu 25.625,00€ wäert bleiwen.

Den Holzvolume gëtt op 1.725 $m^3$ geschat, dovun si 535 $m^3$ u Stammholz virgesinn an 1.190 $m^3$ un Industrieholz.

Fir d'Gréngfläche baussent dem Bësch, wourënner och de Bëschkierfecht fält, grad ewéi och den Entretien vun de Beem op den ëffentleche Plazen an an de Bongerten, sinn Investitioune vun 109.000,00€ virgesi grad ewéi och e Subsid vu 5.000,00€.

Heimat ass de ganze Gemengerot d'Accord.

## 2 Deliberatioun fir d'Modalitéite vun der Stee vum Brennholz festzeleeën.

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) geet drop an, datt d'lescht Joer en Holzhändler bei der Stee matgemaach huet, duerfir schléit de Schäfferot bei de Konditioune vun der Stee vum Brennholz vir, datt d'Stee ausschliisslech fir Privatleit ass, an datt d'Modalitéite wéi d'Quantitéit vum versteete Brennholz, d'Begrenzung vun der Quantitéit pro Persoun, d'Festleeë vun engem Mindestpräis an d'Intervalle vum Bidde vum Schäfferot a vum Fierschter festgeluecht ginn.

Dat gëtt eestëmmeg ugeholl.

## 3 Deliberatioun iwwer d'Festleeë vum Präis a vun de Konditioune vum Verkaf vum Brennholz.

Beim Festleeë vum Präis a vun de Konditioune vum Verkaf vum Brennholz ass de Gemengerot eestëmmeg der Meenung, datt fir d'Kouert Bichen-, Eechen- oder Dännenholz den Duerchschnëttspräis vun der leschter Holzstee festgesat gëtt.

Fir d'Liwwerung gëtt e Supplement vun 10% a fir d'Schneiden e Supplement vu 25% gefrot.

Fir Biche-Laangholz gëtt de Präis op 50,00€/$m^3$ a fir Eechen op 45,00€/$m^3$ festgeluecht.

D'Limitt pro Adress si 15 $m^3$.

Dëss Präisser ginn eestëmmeg ugeholl.

## 4 Deliberatioun iwwer d'Opdeele vu verschiddene Kadasterparzellen fir se kënnen ze bebauen.

Mat dem Opdeele vun engem Terrain "Op der Baach" zu Ueschdref op zwou Parzelle vun 3,49 resp. 3,21 Ar sinn all Conseilleren averstanen.

## 5 Deliberatioun iwwer d'Unhuele vun engem Eenzel-Bebauungsplang op Terrainen an der Haaptstrooss zu WOLWEN, Deel Wanderscheid.

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) stellt en Eenzel-Bebauungsplang an der Haaptstrooss zu Wolwen vir, deen op enger Surface vun 20,56 Ar de Bau vun zwee Duebelhaiser an engem Eenzelhaus mat insgesamt fënnef Wunnenge virgesäit.

De Bebauungsplang gëtt eestëmmeg ugeholl.

## 6 Deliberatioun iwwer d'Demande vun engem Zousazkredit am ausseruerdentleche Budget vun der Gemeng Rammerich fir d'Joer 2022: Akaf vu Miwwele fir d'Maison Relais vun der Gemeng.

Dëse Punkt vun der Dagesuerdnung ass hifälleg ginn, well dës Miwwelen nët virum Enn vum Joer kënne geliwwert gin, sou datt den noutwendige Kredit an de rektifizéierte Budget vun dësem Joer agedroe gëtt.

## 7 Deliberatioun iwwer d'Ufro vun Zousazkrediter am uerdentleche Budget vun der Gemeng Rammerich fir d'Joer 2022: (Budgets-Ännerungen 2/2022).

Am zweeten Tableau mat de Budgetsännerunge bis zum 26. Oktober sti Budgetsartikelen, fir déi méi héich Depense vu ronn 27.000,00€ wäerten ufaalen, déi engersäits kompenséiert ginn duerch zousätzlech Recetten,

anerersäits duerch manner Depensen op aaneren Artikelen, daat am Total vun 27.000 €, sou datt de Budget ausgeglach bleift.

Heimat sinn all Conseilleren averstan.

## 8 Deliberatioun iwwer d'Revisioun vum Gemengereglement dat d’Konditiounen an d’Montante vun de Primme fir verdéngschtvoll Persounen a Veräiner festhält.

No enger Aarbechtssëtzung zu dësem Sujet gëtt am Gemengereglement festgehalen, datt déi Persoun oder dee Veräin an deem betreffende Joer an der Gemeng wunnen oder hei säi Sëtz muss hunn.

Als verdéngschtvolle Schüler muss een am Postprimaire op 7$^{e}$ a 6$^{e}$ eng Moyenne vun 52/60, op 5$^{e}$ a 4$^{e}$ eng Moyenne vu 50/60 an op 3$^{e}$ an 2$^{e}$ eng Moyenne vun 48/60 hunn. Bei de Preparatiounsklasse fir de Postprimaire gëtt op Propositioun vum Klasseregent decidéiert. Weider kritt een d’Primm mam Diplom CCP, DAP, Meeschterbréif, Première, Technikerbrevet, BTS, Bachelor oder gläichwäerteg, Master oder gläichwäerteg. Am Museksunterrecht muss een eng Mention Distinction oder den Erfolleg bei engem Musekconcours erreecht hunn. Als verdéngschtvolle Sportler oder Sportveräin muss een am Referenzjoer Champion, Vizechampion oder eng aner sportlech Auszeechnung kritt hunn an als Museksveräin een éischten oder zweete Präis bei engem Musiksconcours erreecht hunn.

Als Primme si fir Persoune 50,00€ a fir Veräiner 200,00€ virgesinn.

Dëst gëtt eestëmmeg ugeholl.

## 9 Deliberatioun iwwer d’Geneemegung vun der Konventioun mat OS-Care, dem Office Social vum Réidener Kanton, fir d’Joer 2022.

D’Konventioun mam Office Social vum Réidener Kanton fir d’Joer 2022 gesäit hei Käschte vun am Ganzen 663.047,83€ fir, vun deenen de Familljeministère 331.523,92€ iwwerhëlt, an dee selwechte Montant op d’Gemenge verdeelt gëtt.

D’Conseillère Myriam Picard (LSAP) freet, wéi héich den Undeel vun der Gemeng Rammerich ass a wënscht sech vum Office Social méi genee Informatioune wat d’Interventiounen an Zesummenhang mat der Populatioun vun der Gemeng Rammerich ugeet fir datt e feststelle kéint, wou d’Problemer an der Gemeng leien.

D’Konventioun gëtt eestëmmeg ugeholl.

## 10 Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun engem Zousaz zur ënnerschriwwener Konventioun vum “Pacte Logement 2.0”.

Duerch en Zousaz zur Konventioun vum “Pacte Logement 2.0”, déi den 30. September 2021 ënnerschriwwe ginn ass, gëtt dës Konventioun ëm ee weidert Joer verlängert.

Heimat sinn all Conseilleren d’Accord.

## 11 Deliberatioun iwwer d'Confirmatioun vun engem zäitlech begrenzten dréngende Verkéiersreglement.

Een zäitlech begrenzt dréngend Verkéiersreglement, bei deem wéinst Bëschaarbechten tëschent Éischt a Foulscht de Wee tëschent der Haaptstrooss zu Éischt bis bei d’Kräizung vun der Rue d’Eschette mat der Rue du Moulin zu Foulscht vum 31. Oktober bis de 5. November gespaart ginn ass, gëtt eestëmmeg confirméiert.

E weidert dréngend Verkéiersreglement wéinst Gruefaarbechten an der Haaptstrooss zu Hueschtert vun der Rue de Lannen bis bei d’Haus Nr. 16 an der Haaptstrooss, déi duerfir vum 2. November bis de 24. Dezember muss gespaart ginn, gëtt och eestëmmeg confirméiert.

## 12 Deliberatioun iwwer d’Geneemegung vun engem Zousaz zu engem Aarbechtskontrakt mat enger Léierpersoun am Grondschoulunterrecht.

Mat engem Zousazartikel gëtt den Aarbechtskontrakt vun enger Léierpersoun am Grondschoulunterrecht em eng Stonn op eng Wochestonn reduzéiert fir Aktivitéiten an der Mëttesstonn ze organiséieren.

Domatt sin all Conseilleren d’Accord.

## 13 Ofschloss-Rechnung: HUESCHTERT, Rue des Romains: Renovéierungs-Aarbechten.

D’Ofschloss-Rechnung vun de Renovéierungs-Aarbechten an der Rue des Romains zu Hueschtert beziffert sech op 18.316,54€.

## 14 Ofschloss-Rechnung: HUESCHTERT, Rue des Romains: Erneierung vun der Kanalisatioun.

Bei der Erneierung vun der Kanalisatioun an der Rue des Romains zu Hueschtert, fir déi 50.000,00€ virgesi waren, beleeft d’Ofschloss-Rechnung sech op 47.496,12€.

## 15 Ofschloss-Rechnung: RAMMERICH: Rue du Nord: Erneierung vun der Strooss a vun den Trottoiren.

Fir d'Erneierung vun der Strooss a vun den Trottoiren an der Rue du Nord waren am Budget 245.000,00€ virgesinn. Hei kënnt d'Ofschloss-Rechnung op e Montant vun 217.249,58€.

## 16 Ofschloss-Rechnung: RAMMERICH: Rue du Nord: Erneierung vun der Kanalisatioun.

Den Dekont vun der Erneierung vun der Kanalisatioun an der Rue du Nord zu Rammerich, fir déi am Budget 145.590,29€ virgesi waren, chiffréiert sech op 248.528,11€.

## 17 Ofschloss-Rechnung: RAMMERICH: Rue du Nord: Deelweis An-d'Rei-Setze vum Drénkwaasser-Reseau.

Mat 268.115,59 € war d'deelweis An-d'Rei-Setze vum Drénkwaasser-Reseau an der Rue du Nord zu Rammerich virgesinn. D'Ofrechnung beziffert sech op 267.580,91€.

Déi fënnef Ofschloss-Rechnunge sinn zesummen eestëmmeg ugeholl ginn.

## 18 Deliberatioun iwwer en notariellen Akt.

Mat engem notariellen Akt tauscht d'Gemeng Rammerich en Terrain vun 1,61 Ar an der Rue des Romains zu Bungeref géint en Terrain vun 0,04 Ar an där selwechter Strooss an eng Ausgläichszomm vu 15.700,00€.

Dësen notariellen Akt gëtt eestëmmeg ugeholl.

## 19 Deliberatioun iwwer d'Verdeelung vun ausseruerdentleche Subsiden.

Länger Diskussioune gouf et bei der Verdeelung vun ausseruerdentleche Subside fir Veräinsuniformen. Hei huet de Conseiller Sascha Hengen (LSAP) gemengt, et misst ee generell festleeë wéi een dat mécht, an d'Conseillère Myriam Picard (LSAP) war der Meenung, jidderee misst do d'selwecht behandelt ginn, et misst een also e Kader setze wéini e wéivill Bäihëllef bei neien Uniforme kritt.

Bei de weideren Diskussiounen ass e.a. gefrot gi fir e Prozentsaz, e Maximalbetrag an en Zäitraum festzesetzen.

Op Propositioun vum Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) ass eestëmmeg decidéiert ginn, fir dem Dëschtennis Hueschtert-Folscht an der Musek St. Lambert Pärel jeeweils eng Bäihëllef vun 2.500,00€ ze accordéieren an an enger spéiderer Sëtzung en entspriechend Reglement

auszeschaffen. Weider kréien d’Guiden a Scoute St. Pirmin vum Séi e Subsid vun 250,00€.

## 20 Deliberatioun iwwer d'Recette vun der Gemeng.

D’Conseillere sinn all mat de presentéierte Recettendeklaratioune vun der Gemeng averstane.

## 21 Äntwerten op d’Froen un de Schäfferot.

Bei de Froen un de Schäfferot befaassen déi dräi LSAP-Conseillere Sascha Hengen, Myriam Picard a Patrick Schuller sech mat den zwee Foussgängersträifen an der Rue du Lac zu Ueschdref fir datt de Schäfferot bei den zoustännegen Instanzen intervenéiert fir déi nei ze zeechne resp. dee beim Centre culturel aus Sécherheetsgrënn ze verleeën oder en adequate Spigel z’installéieren, deen net uleeft.

Zum Symposiumswee “An der Ochelt” informéiere si sech, wou den Dossier fir d’Erneiere vun dësem Wee drun ass an da froe si de Schäfferot, fir beim Transportministère ze intervenéieren, fir bei der neier Stauséi-Navette (Linn 155) och en Arrêt bei der Donatuskapell anzeriichten.

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) wëll sech där Saach unhuelen.